

CORONAVIRUS COVID-19 AUTO-QUARANTÄN



Dëst Dokument adresséiert sech u Persounen, déi am selwechten Haushalt liewen oder intime Kontakt mat enger Persoun haten, déi positiv op den neie Coronavirus (SARS-CoV-2) getest gouf.

WAT DIR AN DER AUTO-QUARANTÄN MAACHE MUSST

Da musst Dir lech wärend 7 Deeg an Auto-Quarantän setzen, fir esou d'Iwwerdroung vum Virus op aner Leit an Ärem Haushalt oder der Gesellschaft ze limitéieren. Effektiv kënn Dir an dëser Period selwer ustiechend ginn.

Dir fannt all déi néideg Informatiounen iwwer den neie Coronavirus um Internetsite vun der Regierung:

www.covid19.lu

Sozialen a professionellen Ausschloss (Auto-Quarantän)



- Bleift wärend 7 Deeg no der Diagnos vum confirméierte Fall doheim (an de meeschte Fäll trieden d'Symptomer an dësem Zäitraum op).
- Evitéiert all Kontakt zu anere Persounen.
- Moosst wärend 7 zousätzlechen Deeg Är Temperatur zwee mol pro Dag an iwwerwaacht Äre Gesondheitszoustand. Wärend der Eegen-Iwwerwaachung kann ee sengen normalen Aktivitéiten nogoen.



Wann Dir eleng wunnt


- Loosst lech Är Liewensméttel an aner liewenswichtig Produiten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht bis un d'Dier liwweren.

Wann Dir zesumme mat anere Leit an engem Haushalt wunnt



- Installéiert lech eleng an enger Kummer, maacht d'Dieren zou, an iesst Är Moolzecht an Ärer Kummer. Evitéiert Visitten a Kontakter a verlosst d'Kummer just wann et néideg ass.
- Wäscht lech regelméisseg d'Hänn.
- Deelt net Är perséinlech Haushaltsartikelen, wéi z.B. Wäsch, Glierser, Tassen, Kichegeschier, Dicher oder Bettgezei mat anere Persounen. Nodeems Dir déi Artikele benotzt hutt, musse se grëndlech mat Waasser a Seef oder an der Wäsch-/Spullmaschinn gewäsch ginn.
- All Kleeder, Bettgezei an Dicher musse regelméisseg an der Maschinn gewäsch ginn.

CORONAVIRUS COVID-19 AUTO-QUARANTÄN



Während an no der Auto-Quarantän

- Kontrolléiert Äre Gesondheitszoustand nach während 7 weideren Deeg no der Quarantän selwer: Moosst Är Temperatur 2x/Dag, kontrolléiert Symptomer wéi Houscht oder Otemproblemer.
- Befollegt weider d'Reegele vun der Hygiène.



Wa Symptomer optauchen

- Setzt Iech an Auto-Isolatioun. Kontaktéiert en Dokter per Telefon (Tele-Consultatioun) wann d'Symptomer vun den Otemweeër sech verschlëmmen (z.B. Otemproblemer) a befollegt seng Uweisungen.
- Dir sidd eng besonnesch vulnerabel Persoun*: Kontaktéiert direkt - fir d'éischt iwweier Telefon - Ären Hausdokter. Deelt him mat, datt Dir eng Persoun mat Risikofacteurs sidd an datt dir Symptomer opweist.



Hännwäschen

- Dir selwer an Ären Entourage mussen sech reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef während minimum 20 Sekonne wäschen. Och bei der Zoubereedung vum Iessen, virun oder no engem Iessen, nodeems Dir eng Toilette benotzt hutt an zu all Moment wou Är Hänn e knaschtegen Androck maachen.
- Wa kee Waasser a keng Seef disponibel sinn, da wäscht Är Hänn mat engem Desinfektionsmëttel andeems Dir déi gesamt Fläch vun der Hand ofdeckt an d'Hänn reift bis se dréche sinn.



* *Definitioun vu besonnesch vulnerabele Leit: Persounen mat méi wéi 65 Joer a Persounen mat Diabetes, kardiovaskuläre Krankheeten, chronischen Erkrankungen vun den Otemweeër, Kriibs oder enger Immunschwächt opgrond vun enger Krankheet oder enger Therapie.*

FIR WEIDER INFORMATIUNEN:

 covid19.lu
 8002 - 8080



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG